Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Centre de Formation et Animation Neihaischen | 1, rue principale L-5290 Neihaischen | Tel: (00352) 357645 Fax(00352) 26352166 | GSM:(00352)621 277 596 GSM (00352)691 835704 | tom.lahr@lgs.lu www.lgs.lu

Listen to Haiti / Haiti Benefit Festival @ Rockhal 13.3.2010

Léif Chef/taine,

D'Associatiounen Action Avenir Haiti a.s.b.l an ONG Objectif Tiers Monde organiséieren an Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Guiden a Scouten e Benefizconcert Samschdes, den 13.3.2010 an der Rockhal. Den Erléis vun dësem Owend as fir déi zwou Associatiounen, déi an Haiti aktiv sinn.

Fir dësen Event brauche mir Ënnerstetzung, also den Asaz vun de Guiden a Scouten. Wann dir also dësen Dag hëllefe wëllt, da mellt iech esou séier wéi méiglech beim Tom Lahr: tom.lahr@lgs.lu oder Tel: 691 835704

Hei eng Lëscht mat de verschiddenen Aarbechten:

- Hëllef beim Comptoire/ 2 Schichten: 1. 16h00-20h00 / 2. 20h00-24h00

Mir brauchen fir all Schicht 10 Leit, déi Personal vun der Rockhal hannert dem Comptoire ënnerstëtzen.

- Grillstand virun der Rockhal / 2. Schichten: 1. 14h00-19h00 / 2. 19h00-24h00

Virun der Dir ginn Thüringer a Mettwurschte gegrillt. E grousse Merci fir de Sponsoring un « Boucherie Mangen/Bettenduerf ».

- Hëllef bei der Caisse/ 2. Schichten: 1. 16h00-20h00 / 2. 20h00-24h00

Den Entrée fir de Concert ass "gratis", d.h jiddweree gëtt déi Zomm, déi hien fir Haiti wëll als Don ginn.
Et gi Béchsen fir Donen, wou mir awer Leit brauchen, déi Leit begréissen an zu enger Spend invitéieren. Hei hëllefe Guiden a Scouten och de Leit vun AAH an OTM

- Cateringstand "Pasta"

Dëse Stand gëtt vun den Escher Juppen organiséiert an encadréiert. Hinnen och e ganz grousse Merci.

- Équipe Mobile

Dëst si Leit, déi iwwerall do asprangen wou Nout um Mann/ Fra ass.

- Programm an Detailer iwwert de Concert:

People in Haiti need help, we try to give them a voice, so Listen to Haiti
Haiti Benefit Festival, 13.3.2010@Rockhal
www.listentohaiti.lu

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Centre de Formation et Animation Neihaischen | 1, rue principale L-5290 Neihaischen | Tel: (00352) 357645 Fax(00352) 26352166 | GSM:(00352)621 277 596 GSM (00352)691 835704 | tom.lahr@lgs.lu www.lgs.lu

Line Up:
- vu 17 Auer un: Dreamcatcher
- Benny & the Bugs
- Opportunety
- Kate
- Babyoil
- Nukular
- Ezio
- Toxkäpp

Ticketen:
Kee Virverkaf! Just Oweskees!
Kee feste Präis, jiddweree soll als Entrée déi Somme ginn, déi fir hien als Don acceptabel ass.

vun 14 Auer un:

Haïtifestival an der Rockhal mat haïtianescher Musek, Cateringstänn,
Infoen iwwer AAH an OTM, Haïti-Foto-Expo, Haïti-Shop,...

Organisateur:
D'Manifestatioun "Listen to Haïti" vum 13.Mäerz 2010 an der Rockhal war d'Iddi vun 2 Associatiounen:
- Action Avenir Haïti asbl (AAH) an
- ONG Objectif Tiers Monde – Haïti (OTM).

Eng Plateforme vun deenen zwou Organisatioune fannt dir op: www.haiti.lu

OTM ass eng lëtzebuerger ONG déi zënter 25 Joer an Haiti aktiv ass. Et gëtt op verschidde Plazen am Zentrum vum Land geschafft, mee virun allem an der Gemeng Carrefour. Si hu Projeten am Beräich Schoulwiesen (4 Schoulen), an der Opforstung, an der Waasserverdeelung, an och d'Ënnerstëtze vu jonke Betriiber. (www.otm.cercle.lu)

AAH ass eng Asbl, déi zënter 5 Joer besteet, a virun allem an der Uertschaft Rivière Froide, eng Sektioun vun der Gemeng Carrefour hir Projeten realiséiert. Hir Aarbecht besteet aus 2 Deeler, engersäits d'Verginn vu Micro-Créditer virun allem u kleng Epicerien aus der Géigend an anerersäits d'Ënnerhale vun enger Schoul mat 200 Kanner. (www.aah.lu)

Béid Associatiounen ginn duerch d'ONGD „Lëtzebuerger Guiden a Scouten mat der 3. Welt" supportéiert.

Mat beschte Guiden- Scoutsgréiss an engem grousse Merci fir är Mathëllef,

Roy Grotz
Commissaire géneral

Tom Lahr
AAH an OTM